




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure



A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 27 FEV. 2019

Objet : Question parlementaire n° 203 du 15 janvier 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir bannenzeg Sécherheet François BAUSCH a vum
Minister fir d'Fonction publique Marc HANSEN, op déi parlamentaresch Ufro n°203 vum
15. Januar 2019 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

Wéi schonns an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro n° 84 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen erkläert gouf, huet d'Gesetz vum 1. August 2018 betreffend d'Konditiounen an d'Modalitéite vum Zäit Spuerkont an der Fonction publique eng ganz Rei Ännerungen am Staatsbeamtestatut mat sech bruecht, déi mussen an den eenzelen Administratiounen ëmgesat ginn.

Fir dësem neie gesetzleche Kader Rechnung ze droen, huet d'Police ënner anerem hire Schichte System op den 1. Januar 2019 ëmgeännert, wat dann och zu Esch-Uelzcht an zu Lëtzebuerg gemaach gouf.

Opgrund vun de Missiounen, déi d'Police 24/24 Stonnen an 7/7 Deeg muss erfëllen, kann et allerdéngs virkommen, dass d'Limite betreffend d'Schaffzäiten an d'Rouzäiten, déi an den Artikelen 18-2 bis 18-5 vum Staatsbeamtestatut virgesi sinn, net ëmmer respektéiert kenne ginn. Dëst ass beispillsweis de Fall, wann ee Beamten an der Urgence lwwerstonne leeschte muss oder wann hien an der Permanence op een Asaz geruff gëtt. Eng genee Oplëschtung vun all deene Fäll, sou wéi den honorabelen Deputéierten se freet, gëtt et zur Zäit allerdéngs net.

D'Police huet Léisungen ausgeschafft déi et sollen erlaben, d'Prinzipien vun der europäescher Aarbechtszäit Direktive, déi engersäits de Grondsteen fir déi lëtzebuerger Gesetzgebung duerstellt, anerersäits awer méi flexibel Aarbechtszäit Modeller ubitt, ze applizéieren.

Mir sinn am Gaangen des Léisungsvirschléi ze analyséieren.